N°3920
Entrée le 19.05.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n°3920 vum 15ten Abrëll 2026 vum honorablen Deputéierten Dan HARDY.**

**1. Wéi eng spezifesch Moossname goufen ergraff, fir Institutiounen, Autoritéiten, politesch Parteien a Medie viru Manipulatiounen ze schützen?**

Am Kär vun der Approche vun der Regierung, déi op der Stäerkung vun enger oppener, pluralistescher an transparenter demokratescher Gesellschaft baséiert, steet d'Férderung vun enger onofhängeger a qualitativ héichwäerteger Presselandschaft. Am Kader vum Gesetz vum 30. Juli 2021 iwwer d'„Aide à la presse" ënnerstëtzt de Staat geziilt professionell Medien, déi journalistesch Inhalter no de Prinzippie vun der redaktioneller Onofhängegkeet an am Respekt vun engem deontologesche Kader produzéieren. Professionell Journalisten, déi sech un de Code de déontologie halen an ënnert der Opsiicht vum Conseil de Presse stinn, droen dozou bäi, Informatiounen ze verifizéieren, ze kontextualiséieren an domat Manipulatiounen entgéintzewierken. Dës Politik huet zum Zil, en informéierten an opgekläerte Bierger ze stäerken.

Zousätzlech dozou ginn et eng Rei Initiativen am Beräich vun der Mediekompetenz, fir e kriteschen Ëmgang mat Informatiounen ze férderen, besonnesch bei jonke Leit. Dës Efforte sinn och international unerkannt ginn, beispillsweis an der Etüd „Stratégies nationales d'éducation aux médias et à l'information (EMI) – Indicateurs et aspects pratiques" (2025) vum Europarot.

Parallel dozou engagéiert sech Lëtzebuerg och op internationalem an europäeschem Niveau am Kader vun Initiative géint Desinformatioun. Ënnert Lëtzebuerger Présidence gouf beispillsweis am Kader vun der OCDE am Joer 2022 déi sougenannt „Déclaration de Luxembourg" iwwer d'Stäerkung vum Vertrauen an d'Férderung vun der Demokratie adoptéiert. Gläichzäiteg gouf den „Centre de ressources" vun der OCDE iwwert Des- a Mëssinformatioun lancéiert, deen och weiderhi finanziell vu Lëtzebuerg ënnerstëtzt gëtt.

De rechtleche Kader zu Lëtzebuerg garantéiert, duerch d'Verfassungsprinzippie vun der Fräiheet vun der Meenungsäusserung an der Pressefräiheet, d'Autonomie vun de Medieacteuren a verhënnert politesch oder administrativ Aflëss op redaktionell Entscheedungen. D'Gesetz iwwer d'liberté d'expression dans les médias definéiert ënner anerem den „devoir d'exactitude et de véracité" vu Journalisten. Et gëtt Journalisten d'Recht, d'Publikatioun vun engem Artikel ze refuséieren, wann dësen ouni hiren Accord substantiell verännert gouf, an et erlaabt hinnen och, ouni Préavis ze demissionéieren, falls d'ligne éditoriale vum Medium, bei deem si beschäftegt sinn, fundamental geännert gëtt. Zousätzlech verbitt de Code pénal d'Publikatioun an d'Verdeelung vun Drockschrëften ouni d'Indikatioun vum Auteur oder vum Imprimeur.

**2. Huet d'Regierung eng kloer Evaluatioun vun der Vulnerabilitéit vu Lëtzebuerg, besonnesch wat follgend Punkten ugeet:**
- **d'Cybersécherheet vun Institutiounen,**
- **de Schutz vu sensibelen Donnéeën,**
- **d'Iwwerwaachung vun Desinformatiounsnetzwierker,**
- **d'Risike vum Afloss vu Veräiner, ONGen oder wirtschaftlechen Acteuren?**

**3. Firwat gouf et keng strukturéiert ëffentlech Erklärung zu dësem Thema, obwuel aner europäesch Länner schonn detailléiert Rapporten iwwert d'Risike vun auslännescher Amëschung presentéiert hunn?**

Fir Lëtzebuerg a seng Bevëlkerung an dësem Beräich besser ze stäerken a virzebereeden, huet d'Regierung am Oktober 2025 déi national Resilienzstrategie ugeholl. Den éischte Pilier vun dëser Strategie gesäit konkret Aktioune vir, fir de Rechtsstaat an d'Demokratie ze stäerken.

Esou soll ënner anerem de Kampf géint Desinformatioun an d'Manipulatioun vun Informatioune verstäerkt ginn (Aktioun 6). Zousätzlech ass virgesinn, d'Bevëlkerung an dësem Beräich besser opzeklären, notamment duerch d'Ausschaffe vun engem Guide (Aktioun 15), an d'Vertraue vun der Bevëlkerung an déi ëffentlech Institutioune weiderhin duerch cibléiert Sensibiliséierungscampagnen ze erhalen an ze stäerken (Aktioun 14).

Déi sektoriell an national Risikoanalysen erlaben et der Regierung, potenziell Vulnerabilitéiten zu Lëtzebuerg ze evaluéieren. Fir dëse Risiken entgéintzewierken, huet d'Lëtzebuerger Regierung, wéi schonns erwänt, d'lescht Joer eng national Resilienzstrategie op de Wee bruecht. Am Kär vun dëser Strategie steet d'Zil, d'Land esou virzebereeden a seng Widderstandsfäegkeet ze stäerken, datt et resilient genuch ass, fir de verschiddene Krisen – onofhängeg vun hirer Originn – effikass kënnen ze begéinen.

**4. Kann d'Regierung garantéieren, datt keng Organisatioun, déi zu Lëtzebuerg aktiv ass – egal ob am politeschen, associativen, kulturellen oder wirtschaftleche Beräich –, aktuell ënnert dem direkten oder indirekten Afloss vu feindlechen auslänneschen Intressie steet? Wa jo, op wéi enger faktescher Grondlag baséiert dës Garantie?**

Esou eng Garantie kann et an enger oppener a fräier Gesellschaft net ginn. Eng absolut Garantie géif viraussetzen, datt de Staat all gesellschaftlech, wirtschaftlech a politesch Aktivitéiten, an am Fong all Bierger permanent iwwerwaacht – e Modell, dee schwéier mat de fundamentale Wäerter vun engem demokratesche Rechtsstaat vereinbar wier.

Lëtzebuerg verfollegt dofir bewosst eng aner Approche, déi op maximal Resilienz duerch staark Institutiounen an transparent Prozesser setzt. Dëse System baséiert op engem Ensembel vu „checks and balances", déi sech géigesäiteg ergänzen. Dës Mechanismen erlaben et, Feelentwécklungen oder potenziell Manipulatiounen z'identifizéieren an unzegoen, ouni dobäi d'Grondrechter an d'Fräiheeten an enger demokratescher Gesellschaft a Fro ze stellen.

D'Regierung bleift dobäi vigilant a schafft och op europäeschem an internationalem Niveau enk zesummen, fir nei Forme vun Aflossnam, besonnesch am digitale Beräich, besser ze erkennen an hinnen entgéintzewierken. D'Zil ass et, d'Resilienz vun den Institutiounen, vun de Bierger an domat vun der Gesellschaft als Ganzt ze stäerken, ouni dobäi fundamental Fräiheeten anzeschränken.

An deem Kontext begréisst d'Regierung ausdrécklech och, datt d'Chamber hirer Cellule scientifique den Optrag ginn huet, ausféierlech Analysen am Kader vun engem „stress test des institutions démocratiques" duerchzeféieren.

**5. Huet Lëtzebuerg vir, säi gesetzleche Kader ze stäerken, fir Améschungsversich besser opzedecken, ze verhënneren an och eventuell ze bestrofen, wéi et scho verschidden Nopeschlänner gemaach hunn?**

Am Kader vum éischte Pilier vun der nationaler Resilienzstrategie si verschidden Aktioune virgesinn, déi zum Zil hunn, de Kampf géint Desinformatioun an d'Manipulatioun vun Informatiounen ze verstäerken.

**6. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Lëtzebuerger Bevëlkerung genuch geschützt an informéiert ass, wat méiglech auslännesch Desinformatiounscampagnen ugeet?**

D'Regierung ass der Meenung, datt d'Lëtzebuerger Bevëlkerung haut duerchaus schonns op enger gudder Basis informéiert ass, wat méiglech auslännesch Desinformatiounscampagnen ugeet. Gläichzäiteg ass dëst een dynamesche Prozess.

D'Regierung setzt bewosst op d'Stäerkung vun enger pluralistescher, onofhängeger a qualitativ héichwäerteger Medielandschaft, déi et de Biergerinnen a Bierger erméiglecht, Informatiounen ze vergläichen, ze verifizéieren an an de richtege Kontext ze setzen. Och ginn dës Medie selwer reegelméisseg op Desinformatiounscampagnen an, déi sech online verbreede fir d'Fakte richtegzestellen. Dëst stellt eng zentral Schutzlinn géint Desinformatioun duer. Genau wéi och den Ausbau vun enger zolitter Mediebildung, besonnesch bei de Jonken.

De Schutz vun der Bevëlkerung baséiert bei eis dann och op der Resilienz vun enger oppener Gesellschaft, déi sech op staark rechtsstaatlech Institutiounen an transparent demokratesch Prozesser ka stëtzen.

D'Efforte fir e bessere Schutz ginn dobäi national a besonnesch och op europäeschem Niveau kontinuéierlech ausgebaut, esou z.B.:

- duerch eng verstäerkt Zesummenaarbecht op europäeschem Niveau am Kampf géint Desinformatioun,
- duerch d'Ëmsetzung vu rezenten europäesche Kaderen, déi grad grouss Online-Plattforme hei méi an d'Verantwortung huelen,
- an duerch national Initiativen, déi d'Vertrauen an zouverlässeg Informatiounsquelle férderen.

D'Zil ass et net nëmmen, d'Bevëlkerung ze „schützen", mee virun allem si ze befäegen, fir sech an engem ëmmer méi komplexen Informatiounsëmfeld sécher ze orientéieren. D'Regierung ass der Iwwerzeegung, datt eng kritesch an informéiert Bevëlkerung, e feste sozialen Zesummenhalt a staark demokratesch Institutiounen déi bescht Garantie géint Desinformatioun an auslännesch Aflossversich duerstellen.

Och sief un déi wichteg Verantwortung vun all politeschem Mandataire a vun all politescher Partei erënnert, fir net selwer bewosst zur gesellschaftlecher Spaltung oder zur Verbreedung vu Falschinformatioune bäizedroen.

Lëtzebuerg, den 19. Mee 2026

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE